# Gespréichsdëscher Lëntgen: Januar – Mäerz 2018

Mat der Erlaabnes vun der Lëntgener Gemeng a vun hirer Integratiounskommissioun sinn dëst Joer Gespréichsdëscher op Lëtzebuergesch zu Lëntgen organiséiert ginn.

D'Gespréichsdëscher haten immens vill Erfolleg. Am Ganzen hu sech 27 Apprenanten ageschriwwen an 21 dovunner konnte regelméisseg an d'Sproochsëtzunge kommen.

Wat bemierkenswäert an iwwerraschend ass, ass datt iwwer 3/4 vun den Apprenanten Awunnerinnen an Awunner vu Lëntgen a Gousseldeng sinn an an dëser Hisiicht waren déi Sëtzunge fir d'Praxis vun der Lëtzebuerger Sprooch zu Lëntgen e ganz grousse Succès. Esou e grousse Succès souguer, datt de Comité vun de Gespréichsdëscher Lëntgen sech entschloss huet, déi Sproochsëtzunge bis Mëtt Juli ze verlängeren.

Et ass ganz schéin ze gesinn, wéi d'Auslänner motivéiert sinn, fir Lëtzebuergesch ze léieren, Auslänner ënner den Apprenanten awer och ënner de Bénévolen. Am Fong geholl sinn d'Auslänner ganz betraff an intresséiert, fir de Gebrauch vun der Lëtzebuerger Sprooch weiderzeleeden an och dank hirer Mataarbecht a Motivatioun hu se dozou bäigedroen, datt d'Lëtzebuerger Sprooch déi meescht geschwate Sprooch hei am Land bleift.

Natierlech ass sou eng Organisatioun nëmme méiglech duerch d'Zesummenaarbecht vu ganz kompetenten Organismen a Leit wéi: d'Gemeng Lëntgen, de Gemengerot Lëntgen, d'Lëntgener Integratiounskommissioun, de Lëtzebuergeschcours zu Miersch (d'Klass vum Jean-Marie Nau), d'ASTI, d'Madame Maggy Boly (Bénévole vu Lëntgen), Christine Persin (Bénévole a co-responsabel – Gousseldeng), Michel van Aken (Bénévole an Organisator – Lëntgen).



D'Gespréichsdëscher Lëntgen hunn och eng permanent Kontaktpersoun am INL zu Miersch.

***Gespréichsdëscher Lëntgen:***

Dënsdes vun 19–20.30 a freides vun 9–10.30 Auer,
20, rue de l'Église - Horgerhaus
Kotisatioun: 20 Euro fir 12 Sëtzunge vun 90 Minutten
Aschreiwungen: mvanaken@pt.lu

# Les Tables de conversation à Lintgen : janvier – mars 2018

Sur base de l'autorisation délivrée par la commune de Lintgen et de sa commission d'intégration, des « Tables de conversation » en langue luxembourgeoise ont été organisées cette année dans notre commune.

Les « Tables de conversation » ont eu un grand succès. 27 personnes intéressées se sont inscrites et 21 d'entre elles ont pu suivre les sessions de façon régulière.

Il est remarquable de constater que 3/4 des participants étaient des citoyens de Lintgen et de Gosseldange, un grand succès donc pour la pratique de la langue luxembourgeoise dans notre commune. Un tel succès d'ailleurs que le comité d'organisation a décidé d'en renouveler l'expérience.

La motivation de la population étrangère à apprendre le luxembourgeois est remarquable. Beaucoup d'étrangers résidant dans la commune s'investissent dans l'étude et la propagation de la langue luxembourgeoise, ils sont très intéressés, très concernés et motivés à perpétuer l'utilisation de la langue luxembourgeoise et de la maintenir dans son statut de première langue parlée au Grand-Duché.

Naturellement une telle organisation n'est possible que par l'engagement de toutes les forces compétentes : la commune de Lintgen, le conseil communal de Lintgen, la commission d'intégration de la commune de Lintgen, les cours de luxembourgeois de Mersch (classe de Monsieur Jean-Marie Nau), l'ASTI, Madame Maggy Boly (bénévole résidant à Lintgen), Madame Christine Persin (bénévole et co-responsable des « Tables de conversation », résidant à Gosseldange), Michel van Aken (bénévole et organisateur, résidant à Lintgen).

Les « Tables de conversation » à Lintgen profitent aussi du concours d'une personne de contact permanente à l'INL de Mersch.

***« Tables de conversation » en luxembourgeois :***

Tous les mardis de 19–20.30 et
tous les vendredis de 9–10.30 h

20, rue de l'Église – Horgerhaus

Cotisation : 20 euros pour 12 séances de 90 minutes.
Inscriptions : mvanaken@pt.lu

*Michel van Aken*